



DEMOKRATESCH
PARTEI

Jonglënster
Roudemer

Jonglënster, den 29. Juni 2020

PRESSEMATDEELUNG

Wiessel am Jonglënster Schäfferot:

**Gilles BAUM leet säi Schäfteposten nidder,
Ben RIES als Nofollger virgeschloen**

D'DP-Jonglënster deelt mat, datt d'Schäfferotsmandat vum Gilles Baum an der Gemeng Jonglënster soll ab dem 1. September 2020 vum Ben Ries virugefouert ginn.

Déi lescht Wochen a Méint hunn de Gilles Baum zur Iwwerzeegung bruecht, datt seng aarbechtsintensiv Funktioun als Fraktiounspresident vun der Demokratescher Partei – déi hien zanter dem 4. Februar 2020 ausüübt – a säi Schäfteposten aus Zäitgrënn net méi vereinbar sinn.

De Gilles Baum bleift weider Conseiller am Gemengerot.

D'DP-Jonglënster schléit de Ben Ries als neie Schäfte vir. De 36 Joer ale Professor an 2-fache Papp vu Gonnereng war bei de leschte Walen Zweetgewielten op der DP-Lëscht.

„Ech si frou, mäin Amt an der gréisster an awunnerstäerkster Gemeng am Osten un een engagéierten an talentéierte jonke Mann weiderzeginn“, esou de Gilles Baum.

D'DP-Jonglënster ass dovunner iwverzeegt, datt de Ben Ries déi nei Aufgab mat vill Begeeschterung an Asaz ugeet, an déi ugefaangen Aarbecht an der Kontinuitéit an am Interêt vun allen Awunner weiderféiere wäert.

DP-Jonglënster